

D'Nadine ass prett! De Besuch ka kommen. Hat ass ganz opgereegt.



Seng Frënn aus Zypern, Spuenien, Bulgarien a Rumänien landen zu Lëtzebuerg um Findel.
Moie Korallia, Patufet, Yana a Stefan!
Moie Nadine !



An der Stad kucke mir d'Iwwerreschter vun der Festung.

An hei d'Seechen vun der Melusina:

Viru laange Joren ass de Graf Sigfrid eng Kéier, wéi en op der Juegd war, bei di al Réimerbuerg um Bockfiels komm. Hien ass do engem léiwe Meedche begéint, dat wonnerschéi gesongen huet. Wé hien hatt gesinn huet, ass hatt verschwonnen.
De Sigfrid ass méi dachs dohinner komm, an huet dunn eng Kéier d'Melusina gefrot, ob hatt seng Frau wëllt ginn.

Hat sot: „Jo! Mee een Dag an der Woch musst du mech am Buedzëmmer eléng loossen."

Eng Kéier sonndes huet hien zum Schlëssellach eragekuckt. A wat gesäit hien?
Séng schéi Frau huet amplaz vu Been e schreckleche Fëschschwanz.
Hien ass ganz erféiert, jäitzt ganz haart an d'Melusina verschwënnt fir ëmmer.



www.fppt.info

A wat soll d'Melusina vun eis denken?
Säi Floss d'Uelzecht, wou hatt gewunnt huet,
ass haut ganz verknascht!
„Wat kënne mir maachen?"
„Kommt mir protestéieren !"






Wat ass dat kal hei bei iech!
Beim Kamäin am Nadine senger Stuff wiermen se sech an erziele vun hiren Abenteuer.



Duerno maache si sech! fäerdeg fir hir nächst Etapp: Tschechien



www.fppt.info